

Den Alex huet déi Zäit schons zu Réiden an der Post geschafft. Am Abrëll 1942 gouf hien zum 'Reichsarbeitsdienst' beuerdert.



Den 22. Oktober ass hien
an d'Wehrmacht agezu ginn.
No enger kuerzer Ausbil-
dung zu 'Schwerin an der
Warthe' gung et un d'Front.
A Russland ass hie vun
engem Granatsplitter getraff
ginn an de 17. November
1943 u senge Wonne
gestuerwen.

